*Landtagswalen an Déitschland*

# Rietsextremismus ass méi wéi just eng Gefor fir d'Ekonomie.

D’Resultater vun de Landtagswalen an Thüringen a Sachsen komme wéineg iwwerraschend an awer erschrecken se a maachen se Angscht. Mat iwwer 30% gëtt d'AfD knapp zweetstäerkste Kraaft a Sachsen a souguer bei wäitem stäerkst Partei an Thüringen. Grad an deem Land, an deem de rietsextreme Björn Höcke ugetrueden ass, ass d'Gefor déi vun dëser Partei ausgeet net méi vun der Hand ze weisen. Dowéint kënnen des Walen och net méi als einfache Protestvott géint d'Bundesregierung verharmloost ginn.

Als Haaptsujet gouf am Walkampf ëmmer nees d'Migratiounspolitik an Däitschland genannt. Se gouf net nëmme vun der AfD thematiséiert, mä vu bal all de Parteien op eng méi oder manner problematesch Aart a Weis. Virun allem d'CDU huet net gezéckt, Walkampf um Réck vu geflüchte Mënschen ze maachen. Mä och Parteien, déi éischter lénks um politesche Spektrum ze fanne sinn, hunn sech vun der AfD dreiwe gelooss. Sou huet d'Ampelregierung zum Beispill virun e puer Deeg eng éischte Kéier säit der Muechtiwwernahm vun den terroristeschen Taliban an Afghanistan Mënschen zeréck an dat Land geschéckt. Och d'BSW huet d’Stëmmung wärend dem Walkampf mat problemateschen Aussoe weider opgehëtzt.

Doduerch, dass sou vill Parteien op de rietsen Zuch opgesspronge sinn, hunn si net der AfD de Wand aus de Seegele geholl, mä de Géigendeel erreecht. D'Grenze vun deem, wat ka gesot ginn, wat akzeptabel ass, si lues a lues méi no riets verréckelt ginn, wouvun d’AfD profitéiert huet. De selwechte Feeler riskéieren elo och Parteien zu Lëtzebuerg ze maachen. An de leschte Méint si mer jo schonn e puer Mol Zeie gi vu rietsen Entgleisunge vu Politiker vun der CSV oder der DP. **An dem Kontext sinn och d'Aussoe vum DP-Fraktiounschef Gilles Baum de Méinden op der Antenn vun RTL Radio ze kritiséieren. Laut dem Här Baum ass d’Remigratiounspolitik vun der AfD „keng Léisung, well déi ganz Ekonomie an Däitschland géif zesummebriechen.“ Weiderhin huet hien de Schratt vun der däitscher Bundesregierung begréisst, Leit an Afghanistan zeréck ze schécken. Aussoen also, déi mer bis elo hei am Land just vun der ADR kennen.**

Eis Spriecherin Carole Thoma iergert sech: **„Déi Aussoe sinn inakzeptabel, virun allem vun der Partei, déi den Ausseminister stellt. Eng ‚Remigratiounspolitik‘, wéi d’AfD sech se virstellt, besteet doran, massiv Leit aus Däitschland auszeweisen, souguer da wa se en däitsche Pass hunn. Dat ass eng Attack op d’Mënscherechter a kann net op de wirtschaftlechen Impakt reduzéiert ginn. Genau sou sollt et zu de roude Linne vun engem Rechtsstaat gehéieren, keng Mënschen an e Land ze schécken, wou des riskéieren, gefoltert an ëmbruecht ze ginn.“**

Schlussendlech bedaueren déi Lénk och d’Verloschter, déi eis Schwësterpartei die Linke huet missen astiechen. Virun allem an Thüringen konnt de ganz beléifte Ministerpräsident Bodo Ramelow net verhënneren, dass seng Partei ze vill ënnert der Ofspléckung vum BSW gelidden huet. Elo gëllt et, d’Partei nei opzebauen a sech weiderhi fir eng sozial an antifaschistesch Politik anzesetzen.

Lëtzebuerg, den 4. September 2024